N°3200
Entrée le 15.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3200 vum 17. November 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Chasse par battue à Hesperange"**

1. **Wéi gëtt d'Sécherheet vun den Awunner garantéiert, wann eng Dreifjuegd an der direkter Ëmgéigend vun engem Wunngebitt organiséiert gëtt?**

D'Sécherheet vun de Bierger gëtt ënner anerem duerch de *Règlement grand-ducal du 13 mars 2015 déterminant les mesures de sécurité à respecter par les chasseurs et les tiers* garantéiert. Dëse Règlement grand-ducal schreift vir, datt:

- Waffen sou ze manipuléiere sinn, datt keen a Gefor bruecht ka ginn. Dorënner fält ënner anerem, datt net a Richtung vun Haiser, Stroossen oder Leit geschoss gëtt an ëmmer just e Schoss ofgi gëtt wa Kugelfang garantéiert ass;
- d'Juegd am Virfeld muss ugemellt a kloer signaliséiert sinn;
- all Persoun déi un enger Klappjuegd deel hëlt Signalfaarwe muss droen.

2. **Wäerten/goufen bei dëser Dreifjuegd Kontrolle vun der Ëmweltverwaltung gemaach? Falls jo, wat sinn d'Resultater?**

D'Ëmweltverwaltung ass net zoustänneg fir d'Iwwerwaache vu Juegten. Déi betraffe Klappjuegd gouf allerdéngs vun der Naturverwaltung kontrolléiert.

All d'Jeeër déi un der Juegd deelgeholl hunn goufe kontrolléiert. Bei dëser Kontroll konnte keng Problemer festgestallt ginn. Och war d'Juegd konform zu der gülteger Gesetzgebung ugemellt ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit